adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
10 SEP. 2013
2869

Här Laurent Mosar
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. September 2013

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister an un den Här Justizminister weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro N°2723 vum 16. Mee 2013 hunn ech eng Rei Froen zu engem tragesche Virfall, deen e puer Méint vridrun zu Ierpeldeng passéiert war, gestallt.

Well d'Häre Ministere verschidde Froen net beäntwert hunn, erlaben ech mer se nach eng Kéier ze stellen:

1. *Ass et üblech, datt an ähnleche Fäll d'Déclaration des causes de décès net vum Dokter, deen den Doud constatéiert huet, erstallt gëtt, mä vun engem anere Médecin légiste?*
2. *Wéi ass et méiglech, datt op der Déclaration des causes de décès, déi d'Famill vum jonke Mann kritt huet, guer keng Doudesursaach uginn ass ?*
3. *Wien ass an ähnleche Fäll fir de Rapport d'autopsie zoustänneg ?*
4. *U wien huet sech an dësem Fall de Médecin légiste gewannt, fir un all déi néideg Informatiounen, déi mam Doud vum jonke Mann a Verbindung stinn, ze kommen?*
5. *Wat fir eng Konsequenze kënnen an dësem Fall, wat d'Veröffentlechung vun den Informatiounen an d'Erstelle vun den offiziellen Dokumenter (Déclaration des causes de décès a Rapport d'autopsie), gezu ginn?*

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen

Deputéierten